LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 26 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

*REÇU*
*Par Alff Christian , 16:55, 26/02/2021*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, du Ministre de la Sécurité intérieure et du Ministre des Finances, à la question parlementaire N°3484 du 20 janvier 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le contrôle des mesures sanitaires dans les transports publics, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Henri Kox, Ministre fir bannenzeg Sécherheet an dem Här Pierre Gramegna, Finanzminister, op d'parlamentaresch Fro n°3484 vum 20. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Kontroll vun de sanitäre Mesuren am ëffentlechen Transport**

*1. Wéi vill Meldungen oder Rapporte wéinst "non-respect du port de masque" sinn der CFL-Direktioun vun den Zuchbegleeder a Buschaufferen zënter dem Ufank vun dëser Pandemie, zoukomm? Wat gouf dorops hin ënnerholl ?*

*2. Wat kënnen d'CFL oder de Minister besser maachen, fir dass d'Droe vun der Mask an déi aner sanitär Reegelen am ëffentlechen Transport besser agehale ginn?*

Tëschent Mäerz an Dezember 2020 huet d'Personal vun den CFL 453 Fäll signaléiert wou Clienten sech net un déi sanitär Sécherheetsvirschrëfte vun der Regierung gehalen hunn.

Fir dëser Situatioun, souwäit méiglech, entgéintzewierken, gouf eng Sensibiliséierungskampagne mat Affichen "Obligation du port du masque" an den Zich a Busse gemaach an och Pinsen verdeelt fir d'Clienten drop opmierksam ze maachen, dat an den Zich a Bussen eng obligatoresch Maskeflicht gëllt.

Do dernieft gëtt an all Zuch beim Départ eng akustesch Annonce duerchgefouert fir d'Clienten ze informéieren datt d'Droe vun engem Nues- a Mondschutz an den ëffentleche Verkéiersmëttel obligatoresch ass.

Et ginn awer och néi dissuasiv Mesuren ënnerholl, wéi z.B. regelméisseg Aktiounen an Zesummenaarbecht mat der Douane an der Police, wou Kontrollen an den Zich duerchgefouert ginn, a Clienten, déi sech net un d'Consignen halen och sanktionéiert ginn.

An deem Zesummenhang sief och ze bemierken, datt nieft dëse gezielten Aktiounen, och all Wochendag eng 60 Douanieren am ëffentlechen Transport ënnerwee sinn.

*3. Wär et fir de Minister sënnvoll, dass een d'Droe vun der Mask schonns op de Garen a Quai'en kontrolléieren a sanktionéiere géif?*

Et ginn och a regelméissegen Ofstänn Aktioune vun der Douane op de Garen duerchgefouert, wou kontrolléiert gëtt datt Clienten hier Mask unhunn, an déi sanktionéiert ginn, déi kéng Mask op hunn.

*4. Wäert d'CFL de Passagéier am Zuch oder Bus, déi keng Mask unhunn, chirurgesch Masken, géint Bezuelung oder gratis, zur Verfügung stellen?*

Generell droen d'Clienten, déi am ëffentlechen Transport fueren, all eng Mask bei sech. Déi Fäll wou vum Personal vun den CFL signaléiert goufen, hu sech haaptsächlech op Situatioune bezunn, wou Clienten hier Mask net richteg unhaten, respektiv net wollten undoen. Deemno hunn d'CFL de Moment kéng Initiativ geplangt, fir de Cliente Masken, géint Bezuelung oder gratis, auszedeelen.

*5. An der Äntwert op d'Fro n°1755 vum 22te Januar virun engem Joer hat de Minister vun engem neie groussherzogleche Reglement geschwat, deen d'Sécherheet am ëffentlechen Transport nei organiséiere soll an déi al Reglementstexter sollen abrogéiert. Op Legilux sinn dës modifizéiert groussherzoglech Reglementer awer nach ëmmer a Kraaft. Wou ass de vum Minister ugekënnegte RGD drun?*

Wat dat neit groussherzoglecht Reglement ubelaangt, sou huet sech e Groupe de Travail „Ordre et Sécurité », zesummegestallt vu Representanten aus mengem Ministère, der Police an der Douane, mat dem Dossier beschäftegt. Leider huet d'Pandemie et net erméiglecht dësen komplexen Dossier bis elo ze finaliséieren. An den nächsten Wochen däerf een awer mat engem positiven Resultat rechnen an den Dossier kann soumadder op den Instanzewee goen.